Generalversammlung
vum Comité des Parents den, 13 Oktober 2016

……

Léif Eiregäscht, Här Stockreiser , dir Dammen an Hären aus der Direktioun vum Wëltzer Lycee, léif Proffen, léif an Enseignanten an Enseignant'en, léif Memberen vum Schülercomité, léif Schülerinnen an Schüler, léif Elteren

Am Numm vum Comité des Parents begréissen ech Iech ganz häerzlich op dësem Owend, wou mir och eis Generalversammlung rëm eng Kéier virun méi engem groussen Public kannen ofhalen.

D'Memberen vum Comité well ech dann awer och kuerz virstellen: Madame Anneix-Wagner Diane,
Madame Nizet Emmanuëlle, Madame Pottier-Windeshausen Anne, Här Schneider Willy, Här Thill Marc, an den Här Weisgerber Alain an Annette Enders-Lieners.
D'Madame Grashof Viviane ass Membre sortant, si huet sech fir den owend entschöllegt.

An enger Equipe vun 8 Leit hu mir während dem leschte Schouljoer, rëm vill Engagement gewiesen.

Waat mache mir sou:
Zu eisen Aufgaben zielt et virun allem, fir d'Elteren net nëmmen mat hiren Interessien, mee awer och mat hiren Suergen, vis à vis vun den Memberen vun der Direktioun an den Proffen ze vertrieden.

Dofir sinn dann an denen verschidden Conseil d'Education oder am Conseil de Restauration niewt der Direktioun dem Proffen- an Schülercomité och jeweils 2 Vertrieder vun Elterencomité mat dobäi.

Do geet et dann ëm ganz interessant Themen wéi Surveillancestonnen, Appui, Stagen, d'Reforme, och sinn alt mol méi praktesch Themen dobäi wie z.B. den Schoultransport….. fir der just puer opzezielen.

Am Conseil de Restauration gett z.B. iwwert den Oflaaf am Schoulrestaurant, an iwwer déi nei Cafeteria geschwaat , waat leeft gutt oder waat kann nach verbessert ginn …..
Zesummen gëtt dann no Léisungen gesicht (déi fir all Memberen akzeptabel sinn).

Bei der Porte ouverte sinn mir dann mat engem Infostand vertrueden.
Um Marché de Solidarité hun mir Waaffelen gebaak an verkaaft.
Fir d'Schoulfest war dann eis ganz Equipe am Assaz fir den Schülercomité ze ënnerstëtzen an d'Kees ze machen.

Hei ass dann een klengen Iwwerbléck vun den Aktivitéiten:
28.10.15 waren mer invitéiert op den LN Vibrating
18.11.15 Generalversammlung
14.12.15 Solidaritätsmaart
4.1.16 Conférence de Presse vum Musical.
11.1.16 Conseil d'Education.
1.2.16 Conseil de restauration
5.3.16 Porte ouverte
6.7.16 Diplomiwwerreechung
11.7.16 Schoulfest an Projet resp. Optioun Bridges to the future

Do der tëscht waren dann awer och 2 Reuniounen vum Comité.
Fir dest Schouljoer wärten mir ewer dann niewent den régulären Terminer och mam Proffencomité verschidden Themen diskutéieren, dëst speziell fir ze kuken wéi een d'Elteren nach méi an d'Schoul resp. den Léierprozess kann mat abannen.

Léif Elteren,
no dem klenge Résumé vun den Aktivitéiten, ass et eis e besonnescht Uleies iech drop opmierksam ze machen, wéi wichteg et ass, dass d'Elteren sech an der Schoul engagéiren.
Als Elteren wëllen mir an dir jo just daat Bescht fir eis Kanner, dëst net just waat den schoulischen Inhalt ugeet, mee awer och fir dass daat ganzt Ëmfeld an der Schoul stëmmt.
Als Elterencomité können mir eis dofir asetzen.
Et as awer wichtig fir dat mir do een Maximum un Klassen an Fillièren können vertrieden, dofir och nach emol een Opruff un all Interesséierten fir sech bei eis ze melden.

Wann dir wëllt am Comité matschaffen sollt et och keen Problem sinn wann dir net lëtzebuergesch schwätzt.

"Chers parents, notre association a pour but de faire remonter vos suggestions, vos remarques, ... à la direction de l'école. N'hésitez pas à nous les transmettre. Pour ceux qui seraient intéressés, vous êtes également tous invités à rejoindre notre équipe."

"Liebe Eltern, das Ziel unseres Vereins ist, der Schulleitung eure Vorschläge, eure Bemerkungen zu übermitteln. Zögern sie nicht, uns dies mitzuteilen, nur so können wir ihre Ideen mit einbeziehen."

Wann dir also interesséiert sidd, dann kannt dir Iech hei direkt melden, oder no der soirée oder um Site vum LN fannt dir beim Comité des Parents eng Telefonsnr an Mailadress fir iech ze melden.

Fir Ofzeschléissen well ech dann awer nach Merci soen;

Der ganzer Direktioun e häerzlechen Merci, dir hut ëmmer en opend Ouer fir den Elterencomité. E groussen Merci, dem administrativen Personal an dem Här Schmitz deen eis Internetsäit à jour setzt. Den Proffen – an Schülercomité e groussen Merci fir déi flott an konstruktiv Zesummenarbicht.

Am Numm vum Elterencomité gratuléiren ech all de Schüler déi haut hei geéiert ginn, ganz häerzlech , a wënschen iech all e flotten Owend.
Ech soen Iech Merci